

LES

SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



3 1998

Juni/Juli

38e année

Bemerkungen zur Doppelfeier in Heisdorf/Steinsel am 20. Juni 1998

Am vergangenen 20. Juni fand in Heisdorf/Steinsel eine Doppelfeier statt. Das neu errichtete „Monument aux Morts“ bei der Kirche wurde eingeweiht, sowie eine nahe gelegene Parkanlage mit einem Gedenkstein zu Ehren des ehemaligen Ministers Robert Krieps.

Gemäß dem im „Luxemburger Wort“ erschienenen Bericht wurde unter den anwesenden Persönlichkeiten der Präsident der Zwangsrekrutiertenfederation Jos. Weirich namentlich aufgeführt, aber von seiner Ansprache, die er beim neu errichteten Monument hielt, wurde keine einzige Silbe erwähnt. Wir erlauben uns daher dies in unserer Presse nachzuholen.

Jos. Weirich wies erneut auf den Leidensweg der Zwangsrekrutierten hin. Angefangen mit der völkerrechtswidrigen Gauleiterverordnung, mit welcher die Zwangsrekrutierung eingeleitet wurde und durch welche eine Welle von Empörung in allen Schichten der luxemburgischen Bevölkerung entfacht wurde und eine Gruppierung der Resistenz erfolgte. Er zitierte die Zahl der Zwangsrekrutierten, welche sich auf 12 400 stellte, davon ungefähr ein Viertel sich der Unterwerfung entzog. Etwa 3 000 junge Luxemburger hatten nicht das Glück ihre Heimat wiederzusehen. Die Familienangehörigen der Refraktären mußten den ungewissen Weg der Umsiedlung antreten. Viele Helfer der Refraktären kamen in KZ-Lager und eine große Anzahl von ihnen mußte ihr Leben lassen durch Mißhandlung, Hunger und Krankheit.

Unser Präsident erinnerte an die Zustände in unserm Land nach der Kapitulation der Nazis. Viele Wunden mußten geheilt werden. Die überlebenden Zwangsrekrutierten mit den Eltern der gefallenen und vermißten Kameraden bildeten Vereinigungen und kämpften gemeinsam für eine gerechte Behandlung und eine Wiedergutmachung des erlittenen Unrechts. Jos. Weirich beschrieb anschließend den Werdegang des „Monument aux Morts“ in Heisdorf. Vier Kameraden

waren in der verhaßten Uniform gefallen. Die überlebenden Kameraden von Heisdorf hatten mit mehreren Manifestationen, Theatervorstellungen, Gartenfesten, sowie Hauskollekten Ende 1948 die Summe von 45 000 F zusammengebracht. Von den verschiedenen vorgeschlagenen Standorten wurde die Mauer am Park längs der Hauptstraße zurückbehalten. Der vom Architekten Robert Leer ausgearbeitete Plan verzeichnete einen Kostenanschlag von 90 000 F. Die Gemeindeverwaltung erklärte sich bereit den Restbetrag beizutragen. Das Monument wurde bereits 1949 eingeweiht. Leider hatte der Zuwachs des Verkehrs auf der vorbeiführenden Hauptstraße das Monument vollständig isoliert und Erinnerungsfeierlichkeiten an diesem Ort faktisch unmöglich gemacht. Im Einvernehmen mit der Gemeindeverwaltung wurde beschlossen, das Monument in den Dorfkern zu verlegen und zwar in unmittelbarer Nähe der Kirche. Dieses Vorhaben hat sich als zufriedenstellende Lösung erwiesen und die Einweihung konnte bereits am 20. Juni 1998 stattfinden. Im Beisein einer Menge von Ehrengästen nahm der Pfarrer Georges Hoffmann die kirchliche Einsegnung des Monumentes vor.

Danach besichtigten alle Beteiligten eine nahe gelegene Parkanlage als „Centre Robert Krieps“ benannt, wo ebenfalls ein Gedenkstein zu Ehren von Robert Krieps enthüllt wurde. Robert Krieps war sicherlich ein Resistenzler der manche Schmach in verschiedenen KZ-Lagern erleiden mußte. Das rechtfertigt jedoch nicht gewisse Äusserungen die er über die Zwangsrekrutierung gemacht hat:

Z. B. Im Vorwort des Buches „La Déportation au Luxembourg 1942-1945“ von M. M. Schiltges schreibt der ehemalige Erziehungs-, Kultur-, Justiz- und Umweltminister folgendes: „La tentative de ceux qui prétendent avoir fait preuve d'un plus grand sens des responsabilités envers leur famille en se pliant aux exi-

gences des nazis font injure à ceux qui défendaient la liberté du pays et celle de l'Europe. Leur justification peut être valable à leurs yeux mais ne résiste pas à l'examen lorsqu'il compare leur mobile à ce qui était en jeu pour tous y compris leur famille. Si tous avaient agi de la sorte il n'y aurait plus de Luxembourg indépendant et libre en Europe.“

Mit dieser Erklärung verdammt es sämtliche Zwangsrekrutierten, die der Naziverordnung Folge geleistet hatten, aus Rücksicht über das damit verbundene ungewisse Schicksal ihrer Familienangehörigen. Angesichts dieser Äusserung den Zwangsrekrutierten gegenüber können wir den ehemaligen Minister keineswegs einen freudlich gesinnten Philantrop nennen und distanzieren uns von übertriebenen Beweihräucherungen seiner Parteikollegen.

Dat nach verschidde Leit an Grand-Duché déiselwescht Usiicht hun, beweist déi nofolgend Beschreiwung:

Am Bulletin „les Sacrifiés“ 3/5/1997 hate mir d'Kraiz vun engem jonne Lëtzebuerger Zwangsrekrutierten op d'Titelsäit bruecht, dat a Russland op séngem Graf stong. Heibä handelt et sech ëm de Jempy Pauly v. Kielen, deem séng patriotesch Astellung ville vu séngem Komerode bekannt as. Hien huet d'Doudeskugel getrafft a Russland, wéi hien e verwonnte Komerod aus dem Feier wollt zéien. Mir hate folgendem Text derbäi geschriwwen:

„Och dësem gudde Jong hate seng Stopp ugebueden. Hien huet se refuséiert, an hien huet et virgezunn dat ongewësst Schicksal mat séngem Alterskomeroden ze deelen, an dat fir séngen Elteren a sénger Schwëster de Wee an d'Émsiiddlung ze erspüeren. Mee dat Schlämmst dat nëmmen konnt geschéien, as agetrueden, hie as a Russland verschleeft gin an hie säi Blut missen vergëisse fir en Saach, déi séng nit war. Elo läit hie



Neugestalteter
Dorfkern nach
Robert Krieps
benannt.

wäit fort vun doheim an de Steppe vu Russland begruween, wäit ewech vu sénger léiwé Heemecht, déi hien, wéi vill vu séngem Komeroden, nët méi konnt erëmgésin. Mir kënnen nëmmen bieden: „Léiwé Herrgott, gëf och dësem Jong déi verdéngten Himmelsfreed.“

Kuerz duerno huet de Redakter vun eiser Zeitung folgend Bemierkung vun engem anonyme Schreiwier an der Bréifkëscht fond:

„Grenadier Joh. Pauly fiel im Kampfe für Führer, Volk und Vaterland, beim Versuch, ein tausendjähriges deutsches Reich aufzubauen, an dem er sicherlich kein Interesse hatte. Daß er dabei gezwungen war, seine Waffe gegen alliierte Soldaten zu richten, welche ihr Leben für die Befreiung unserer Heimat einsetzten, verschweigen sie. Sie können sich daher mit Recht als ‚Opfer des Nazismus‘ bezeichnen, wie so viele

deutsche Bürger auch. Berufen sie sich aber nie auf die Resistenz, wenn sie die Lage ihrer Kameraden an der Front oder in Kriegsgefangenschaft beschreiben. Denken sie immer an das Sprichwort: Mitgegangen, mitgefangen, mitgehangen.“

Dat as d'Menung vun engem feigen an hannerlëschtgen anonyme Gëigner vun den Enrôlés de force.

eg

Remich – Nijni Tagil

Sieben Luxemburger fanden sich nach Kriegsende im Archipel Gulag in Westsibirien, zusammen unter 15 000 weiteren Kriegsgefangenen, größtenteils Deutsche. Ihr Schicksal war die Sieben geworden. Nach sieben Monaten kehrten die ersten fünf nach Hause. Innerhalb sieben Monaten kam der letzte in der Heimat an. Alle erreichten Luxemburg an einem Siebten des jeweiligen Monates, am 7. Dezember 1945, am 7. April 1946, und der letzte am 7. Juli 1946. Sie trafen sich kürzlich im Hôtel-Restaurant St-Nicolas in Remich zum Mittagessen, wobei alte Erinnerungen wachgerufen wurden. Vor sieben Jahren war ihr erstes Rendezvous an der gleichen Adresse, und sie hoffen, so Gott will, im nächsten Jahr, am 27. März 1999, erneut Wiedersehen zu feiern.



Agitatioun ëm d'Monument zu Mäertert

D'Agitatioun ëm ee weidert Monument war grondsätzlech nët ze verene mam Begrëff vu nationalem Konsens. D'Enegkeet vun alle „Victimes du Nazisme“ däerf bei dëser Geleënheet nët duerch onnëtz Spléckereien a verwerflich Zersetzungsversich strapazéiert gin. D'Unerkennung an d'Dankbarkeet vun eisem Vollek hat viru Joren ee fir allemol schon hiren Ausdrock an eisen nationale Monumenter fond. Een oubli hat et nët gin.

Déi ferm a kloer Resolutiounen vun de Resistenz-Organisatiounen an der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten, wéi och d'Haltung vum Staat, hun d'Promoteure gezwong, déi onrechtméisseg accaparéiert Bezeechnung „Monument National“ opzegegin. Mat der Publikatioun vun de Positiounen vun der Federatioun vun den Enrôlés de force am „Les Sacrifiés Nr. 6/1997“ zu dem geplangte Monument zu Mäertert, an nodeem déi ambitiös Bezeechnung „Monument National“ nët méi gebraucht gët, war fir de Federatiounskomitee dës Affär klaséiert.

Leider awer gefällt verschidde Leit dëst nët, an d'Hetzkampagne ënnert dem Numm vun der Amicale Albert Ungeheuer geet monter weider. Op onkorrekt an onfär Aart a Weis gi sech der Associatioun a Federatioun hir Adresse verschafft an Enveloppe mat Zirkuläre gin un d'Sektione vun den Enrôlés de force verschéckt. Esou gët de Federatiounskomitee, zu séngem Bedauern, forcéiert, nach eng Kéier heizou Positioun ze bezéien. D'Fortsetzung vun dëser Campagne beweist awer elo kloer, dat d'Installatioun vum Monument zu Mäertert fir bestëmmte Leit zweetrangeg as, awer fir si Mëttel zum Zweck, fir weider ze agitieren.

Fir unzufänken sief kloer gestallt, dat de „Jos. Weirich“, géint

dee systematesch weider gehetzt gët, nët d'Federatioun as. D'Decisiounen an d'Aviën vun der Federatioun gi majoritär vum Federatiounskomitee getraff a séng Mëmbere hale sech genee un dës Decisiounen, „och de Prësident“!

Fir wat gët an dësen Enveloppen d'Copie vun enger „Note un de Comité“ vun der „Fédération des victimes du nazisme e.d.f.“ geschéckt an dann eng Fousnote: „Copie de notre lettre à Jos. Weirich“. Et huet alles näischt gedéngt? Awer d'Äntwert vun dem Federatiounskomitee op dës Note un d'A.A.U. gët ënnerschlo.

Réf.: Textes au Républicain Lorrain du 2.2.1998 et du 28.2.1998 (voir bulletin „les sacrifiés n° 1/1998“). Heiranner heescht et ënner anerem:

Les membres du comité fédéral considèrent cette déclaration unilatérale émanant d'Aimé Knepper comme un mensonge malveillant. Elle prouve donc que Knepper ne veut pas la collaboration et cherche la discorde. Il se fiche des engagements que ses membres de son comité prennent, puisque c'était bien la proposition que vos trois délégués ensemble avec les nôtres avaient pris le 20 janvier 1998, d'élaborer un communiqué commun. Or, de peur que ce communiqué commun ne naisse, A. K. a pris le devant et saboté nos bonnes intentions.

An op enger anerer Plaz:

Fidèle à ses buts et ses missions, notre Fédération continuera comme par le passé à rappeler aux jeunes générations les sacrifices de nos camarades et à défendre les intérêts légitimes de toute victime du nazisme... réfractaires et bienfaiteurs compris.

Fir säi „Faux pas“ ze leegnen, krut de „Journalist“ d'Schold an

an enger anerer Zirculaire léisst den A. K. ee Comitësmëmbere soen, dat hätt hien nët gesot.

Awer weder en Dementi, nach eng entspreechend Richtegstellung gët am „Répu“ publizéiert.

Firwat gët hei absichtlech vun der Positioun vun der Federatioun ofgelenkt? An dofir d'Nimm vu verschidden Associatiounen opgeziet? D'Federatioun warnt virum öffentleche Gebrauch vun de Begrëffer an der Opdelung: „Refraktär“ an „Nët-Refraktär“ an dëst wéinst de Risiko bei spéidere Beurteilung vun dem jeweilegen Zwangsrekrutéierten sénger Decisioun. War een „enrôlé de force“ ee bessere Patriot deen d'Méiglechkeet hat a Frankräich ze kommen, do séng Schoule viru konn maachen, u sportleche Kompetitiounen deelgeholl huet; oder de „enrôlé de force“, dee vläicht kee Wee konnt fannen, fir sech der Verschlebung ze entzéien; oder de d'Russen iwergelaf as, sech an d'Russesch Arméi gemellt huet, an awer de Bewäis vu „réfractaire“ nët huet?

Oder as et nët am héchste Mooss hypokritesch ze behaupten: „Ech Refraktär“ (ee besser si „solidaresch“ mat allen aner Enrôlés de force? Oder firwat steet an der A.A.U.-Revue: „Avis mortuaires – Si le membre décédé est un réfractaire, le comité conseille aux familles d'indiquer „réfractaire“ dans l'avis mortuaire.“

Also nach nom Doud sollen Differenzen ënnert dene fréieren Komerode gemaach gin!

Während Joerzénge konnten d'Leit beim Verstuerwene liesen „enrôlé de force“ – „Zwangsrekrutéieren“. Et war ee Begrëff gin. Et ob eemol soll de Lieser sech d'Frage stellen, firwat eng Kéier „enrôlé de force“ an eng aner Kéier „réfractaire“. Gouwen et zwou Kategorien vun Naziäffer? Gudder an anerem

ZUR CIRCULAIRE: „KENG SPALTUNG VUN DEN ENRÔLÉS DE FORCE“

Zum Saz: „Mir hate schon 1989 eng ‚Résolution de solidarité‘ mat der Federatioun EDF geholl, mee ouni Effet.“ Dëse Saz forcéiert eis, d'Resolutioun vum 26. März 1993 nach eng Kéier ze publizieren:

RÉSOLUTION

Rassemblés en réunion le 27 mars 1993 à Junglinster, les délégués des sections de l'Association des enrôlés de force victimes du nazisme ainsi que les membres du Comité fédéral de l'Amicale des anciens de Tambow et de l'Association des survivants des enrôlés de force

- ont pris acte des circulaires adressées par M. Aimé Knepper en son nom et en celui de l'Amicale Albert Ungeheuer à diverses sections des enrôlés de force;
- après avoir entendu les explications au sujet d'affirmations aussi fausses que diffamatoires à l'adresse du président de l'Assemblée des enrôlés de force, victimes du nazisme, de la Fédération des victimes du nazisme enrôlés de force et à l'équipe Weirich;
- vu la prétention de M. Aimé Knepper qu'il représente 3 510 réfractaires ou déserteurs luxembourgeois de la «Wehrmacht». (Article «Tambow» du 29 septembre 1990 adressé à l'A.D.E.I.F.) et l'affirmation dans la lettre du 3 avril 1992 à la Fédération de «représenter tous les réfractaires et déserteurs de la Wehrmacht»;
- vu que M. Aimé Knepper conteste prétentieusement la situation au misérable camp de prisonniers de guerre à Tambow, telle qu'elle fut de tous

temps décrite tant par l'Amicale des anciens de Tambow, que par la Fédération et les associations amies françaises (articles «Tambow» du 29 septembre 1990 écrit par M. Aimé Knepper);

- vu les tentatives sournoises et continues de semer la discorde dans les rangs des enrôlés de force aux fins de provoquer la cission de leurs organisations et de dénigrer des membres du Comité fédéral et central;
- vu que par lettre du 21 mai 1992, M. Aimé Knepper, président de l'Amicale Albert Ungeheuer, a refusé d'accepter l'invitation du Comité fédéral à une réunion le 25 mai 1992 entre les délégués de l'Amicale Albert Ungeheuer et du Comité fédéral pour discuter des litiges dans le but de les épurer;
- approuvent le Comité central, le Comité fédéral et son président dans leurs activités et leur accorde toute confiance et les

encouragent à poursuivre leur tâche;

- exigent que le souvenir, le respect et l'honneur de l'éminent résistant Albert Ungeheuer soient garanties à jamais;
- et exigent que cesse tout démêlé futur avec M. Aimé Knepper, et celà une fois pour toute.

Un dës Resolutioun huet de Federatiounskomitee sech esou laang gehale, bis d'Erausfuerderung am Artikel an der Revue vun der Amicale Albert Ungeheuer koum: „Enfin ... un monument national ... l'Amicale Ungeheuer répare un oubli douloureusement ressenti par les familles concernées...“

Heibäi muss een awer bemierken, dat d'A.A.U. den „oubli“ allershand spéit gemierkt huet, nodeem déi meescht schon dout sin, déi de Refraktäre gehollef haten, an dene mir als „Ligue Ons Jongen“ a spéider d'Federatioun vun den EdF dacks merci gesot hun.

ZU DER ROSAER ZIRKULÄR:

„Et stunge schwéier Verleumdungen a Ligen géint mech (Aimé Knepper) an de „Sacrifiés“. Obschon de juristesche Beroder vun der Federatioun dem A. K. séngem Affekot matgedeelt huet, dat am nächste Bulletin „Les Sacrifiés Nr. 3“ dem Gesetz no dem A. K. séng Äntwert op een Artikel N. L. géif publizéiert gin, as den A. K. beflass, nët ofzewarden fir esou nach séier kënnen ze hetzen.

Ëm wellech Ligen a Verleumdungen et sech hei handelt, gi mir awer nët gewuer.

Da läit an dene selwechten Enveloppen d'Copie vun enger Postkaart aus dem KZ Hinzert. Eis Positioun heizou gët an engem separate Kommentar behandelt.

Dës weideren leien an dësen Enveloppe „Werbetrakte“ fir de Kaf vum Aimé Knepper sénge Bicher an Auszich aus dëse Publikatiounen: „Maacht e Cadeau un är Kanner, är Famill an un är Frënn“.

War dat vläicht de wirklechen Zweck vum Verschécke vun dësen Enveloppen? Perséinlech Publicitéit fir de Verkauf vun egene Bicher? An dëst ënner dem Numm vum Patriot Albert Ungeheuer? An op Käschte vun der A.A.U.?

De FEDERATIOUNSKOMITEE

Unter Berufung auf das Pressegesetz bringen wir nachstehend das von Aimé Knepper eingereichte Antwortschreiben. – Die Redaktion

Das Denkmal für die Wohltäter der Refraktäre – Antwort auf den Leserbrief unterschieden von Norbert Lallemand

*) Mit deiner lächerlichen Behauptung, ich habe versucht, „gutgläubige Kameraden und Mitbürger hereinzulegen und auch Regierung, Gemeinden und andere Autoritäten den Arm zu biegen“ (!), schiebst du mir ein Prestige zu, das ich nicht habe. Nicht ich, sondern der Vorstand der Amicale Albert Ungeheuer, hat einstimmig beschlossen, den Wohltätern der Refraktäre ein Denkmal zu errichten und einen Aufruf zur Subskription zu machen. Die „gutgläubigen Kameraden und andere Autoritäten“ haben uns bis zum 15. Februar über 3 (drei) Millionen Franken für das Denkmal überwiesen.

*) Du willst mithelfen, „ein Feuer zu löschen, das ich seit Jahren versuche, durch verschiedene zweifelhafte Vorgehen zum Großbrand zu entfachen“. Welch eine verleumderische, haßerfüllte Anspielung, die jeder Grundlage entbehrt! Ich habe kein Feuer entfacht. Im Gegenteil. Die Amicale Albert Ungeheuer und ich haben seit Jahren versucht, gute Beziehungen zur Fédération des enrôlés de force und zu allen Sektionen zu pflegen. Davon zeugen Briefe und Auszüge aus meinen Büchern sowie die Solidaritätserklärung mit der Federation des 10. Mai 1989. In keiner Generalversammlung und in keiner unserer Zeitschriften wurde irgend etwas gegen die Federation gesagt oder geschrieben.

*) Wir erkennen voll und ganz an, daß unser Denkmal nicht die erste Dankesgeste an unsere Wohltäter ist, und daß besonders die Ligue „Ons Jongen“ und die Fédération des victimes du nazisme enrôlés de force schon öfters die Verdienste dieser Resistenzler hervorgehoben und honoriert haben.

*) Meine „übertriebene Geltungssucht“: Ja, ich werde von verschiedenen Stellen um Mitarbeit an Organisationen gebeten. Ich arbeite meist anonym, absolut nicht aus „Geltungssucht“, wie du schreibst.

*) Der „Mißbrauch deines Freundes Albert Ungeheuer“: Laß unseren Nationalhelden aus dem Spiel: Weder du noch wir haben ein Recht, uns auf ihn zu berufen.

*) „In meinen Generalversammlungen kommt niemand zu Wort“: In den Generalversammlungen der Amicale Albert Ungeheuer kommt jeder

Berichterstatteur zu Wort. Letztes Jahr wurden Berichte von 6 Vorstandsmitgliedern vorgebracht, vorletztes Jahr sogar von 8 Vorstandsmitgliedern. Und jedes anwesende Mitglied kann Stellung zu den Berichten nehmen.

*) Wir brauchen dich nicht aus der Liste unserer 558 Mitglieder zu radieren, da du schon seit Jahren radierst.

*) „Bessere Ideen“: Unsere Amicale hat gute Ideen, die auch allgemein bekannt sind.

Aimé KNEPPER

KOMMENTAR VUM FEDERATIUNSCOMITÉ

P.S. – Den Norbert Lallemand as ee Komerod, dee vun Ufank u wéi et golt, d'Interesse vun den Enrôlés de force mat alle Mëtelen ze verdedegen an duerchsetzen aktiv mat derbäi war. Hien huet keng 40 Joer gewaart, wéi anerer, déi sech bis dohinner nët gewisen hun oder nët weise konnten, fir zesumme mat alle Komeroden, ob Refraktär oder Nët-Refraktär, sech fir déi gerecht Cause vun allen Zwangsrekrutierten anzusetzen an denen de Merci auszudrücken, déi hinne gehollef hun.

1984 war hien, als Frënd vum Albert Ungeheuer, och ee Grëndungsmëmber vun der „Amicale Albert Ungeheuer“, där hiren Haaptbut et wor, „d'Udenken un dee grouse Resistenzler héich an Éieren ze halen a Frëndschaft énnert séngen deemolege Komeroden ze schafen“.

A wann den Norbert Lallemand spéider – wéi och aner Kollegen – där Saach de Réck gedréit huet, da genee wéint enger anerer Orientatioun, déi de President Knepper där Associatioun duerno gin huet.

Mir hun op alle Fall méi Vertrauen an den N.L. wéi an den A.K.

Wéi onverschimt dem A.K. séng Äntwert as, beweist énnert anerem déi hei zitíert „Solidaritätserklärung mit der Federation des 10. Mai 1989“, op déi eis Delegéiert hir Äntwert och an där Resoloutioun gin hun, déi an dem Bulletin ofgedréckt as, an dann d'Behauptung: „In keiner Generalversammlung und in keiner unserer Zeitschriften wurde irgend etwas gegen die Federation gesagt oder geschrieben.“ Méi hypokritesch geet et jo wirkleech nët. Et brauch een nëmme den Artikel „Agitatioun em d'Monument zu Mäertert“ an dem Bulletin ze liesen.

De FEDERATIUNSKOMITÉE

Kommentar zu enger Postkaart vum A. K.

Am Pabeierkoup, deen eis Sektionen elo rezent vum A. K. zougeschéckt kruten, louch ganz opfälleg ... sécher awer nët zoufälleg ... och nach d'Copie vun enger Kneppesch-Postkaart aus dem Krich, datéiert den 30.4.1944 zu Hinzert-Hermeskeil. Froe muss een sech, firwat dann dat? Soll iren domat probéiert gin, fir no dréiglech gewesse Leit nach ee „patriotesche Mäntelchen“ emzehenken? A wouhir? A mat wat?

Éischtens huet déi Postkaart vun 1944 vu virof guer näischt mat der aktueller Mäerterter Monumentactioun ze din. Anersäits verwire mir eis och prinzipiell all Amëschung a Familjesaachen.

Zweetens ... Wann den A. K. awer gemengt huet, deen Thema an dat Schreiwes do kënt och nach als Mëtzel zu séngen Zwecker ausgenutzt gin, dann hätt hien – aus purer Objektivitéit – de Lieser jo aus där Zäit nach e puer weider pikant Detailer kenne liwweren. Evenementer, déi an Zeitungsreportage vun deemools nozeliese sin, zum Beispil: Zum laangjäregen Ortsgruppenleiter a gieler Uniform aus dem Kielener Ëmfeld? Vlächicht iwwert séng bekannt pronazistesche Aktivitéiten? Oder vlächicht iwwer dee gepäfferte Lëtzeburger Jugement, deen nom Krich

(4.7.1947) deemselwechten Ortsgruppenleiter öffentlech verpasst... an och publizéiert gi war; oder deen, no der Libération als Gemengesekretär aus der Kielener Gemeng eraus geflunn as? Oder deen selwechten dien zu Hinzert vu Lëtzeburger Inhaftéierten a gieler Uniform gesi gin as.

Dëst si nëmme e puer Beispiller aus engem voluminösen Dossier. Et widerstriekt eis awer no 55 Joer a méi, nach un d'Haltung vun esou Persounen missen ze erënnere.

Zum A. K. selwer, deen als Präsident vun der „Association nationale des réfractaires-résistants et des déserteurs luxembourgeois de la Wehrmacht“ d'Provokatioun elo esouwäit dreift, andeem heen sech och nach wéilt e patriotesche Schän gin.

War et eng patriotesch Haltung, wann ee perséinlech bei athletesche Groussasaz a bei N.S. Gau Moselland Manifestatiounen zu Koblenz, Köln a Berlin (1942) am Kader vum N.S. Reichsbund für Leibesübungen mat vir derbäi war a wou hee sech „bei wehenden Fahnen und Fanfaren“ als duebele sportleche „Gaumeister“ huet feiere loosse? (Zeitungsreportagen). An dëst och nach nom Generalstreik (z. B. de 6. September 1942 an de 4. Oktober 1942), wéi bei eis d'Wänn

voll hunge mat roude Plakaten an Dou-desuerteler géint 19 Lëtzeburger Patrioten? Oder, no sénger Evasioun a Frankräich, wou hien ganz ongenéiert offen a fräiwëlleg bei de Vichy's Championnaten erëm mat derbäi war? Vu Maquis keng Spur!

Wéivill Lëtzeburger Refraktären haten deemools esou Méiglechketen an Aktivitéiten? An déi aner Enrôlés de force, Resistenzler, Prisonnéier?

Fir wat goufen esou interessant Krichserliefnësser bei dëser A.K.-Propagandaactioun awer vergiess oder ënnerschlo? Déi Kaartactioun huet vill vun eise Leit vlächicht dach elo ... méi Klorheet bruecht.

An da wéilt esou een och nach „solidaresch“ mat dene sin, déi vun Ufank u sech géint d'Preise gewiert hun! Anerer déi hiirt Liewe wirkleech riskéiert hun, déi sech geaffert hun fir d'Liewe vun hiren Elteren nët op d'Spill ze setzen; ... déi de Risque op sech geholl hun a bei d'Russen iwwergelaf sin; déi d'Gefaangenschaft hu misse nerdroen; bei den Alliéierten am Asaz waren asw.

Nee merci soe méi wéi 4 000 Mëmberen EDF vun der Federatioun a verzichte gären op engem A. K. séng Provokatiounen a säi Gebluffs.

De FEDERATIUNSCOMITÉE

Deutschland – NS-Urteile werden aufgehoben

Bonn (dpa). – Mehr als 50 Jahre nach dem Ende des Nazi-Regimes sollen alle Unrechtsurteile zwischen 1933 und 1945 pauschal aufgehoben werden. Nach jahrelangem Tauziehen hat sich der Rechtsausschuß des Bundestages am Mittwoch einmütig auf eine gemeinsame Linie verständigt. Das Gesetz, das nach Schätzungen zwischen 200 000 und 500 000 Urteile betrifft, soll an diesem Donnerstag im Bundestag verabschiedet werden und voraussichtlich am 1. Juli in Kraft treten.

Nach der Vereinbarung der Fraktionen sollen alle Urteile, die aus poli-

tischen, militärischen, rassischen, religiösen oder weltanschaulichen Gründen ergangen sind, ohne Einzelfallprüfung, für nichtig erklärt werden. Darunter fallen auch die Urteile gegen Deserteure und Homosexuelle.

Gegen ihre Aufnahme gab es insbesondere in der CSU Widerstand. Union, FDP und SPD verständigten sich nun darauf, daß die Aufhebung der Urteile gegen beide Gruppen nicht im Gesetz selbst, sondern in der Begründung aufgenommen wird. Gegen dieses Verfahren erhoben die Grünen Bedenken, weil es damit weiter keine Rechtsklarheit für Deserteure und

verfolgte Homosexuelle gebe. Durch das Gesetz ebenfalls rehabilitiert werden die Opfer von Zwangssterilisationen in der Nazi-Zeit. Von den 350 000 Betroffenen leben heute noch etwa 50 000. Bislang fehlte es an einer bundeseinheitlichen Regelung zur Aufhebung der NS-Urteile. In den Ländern wurde dies unterschiedlich geregelt. In den neuen Ländern fehlten bislang klare rechtliche Grundlagen.

P.S. Inzwischen sind uns die betreffenden Dokumente zugegangen über die wir im nächsten Bulletin berichten werden.

AM 15.6.98 RICHTETE DIE FEDERATION FOLGENDES SCHREIBEN AN DIE LUXEMBURGISCHE BOTSCHAFT IN BONN

Son Excellence Monsieur
Julien Alex
Ambassadeur du Luxembourg
Adenauerallee 108
D-53113 B O N N

Concerne : Annulation de jugements nazis par la Bundesrepublik Deutschland.

Excellence,

Nous référant à une décision récente du Bundestag concernant l'annulation de jugements nazis et particulièrement au fait que celle-ci se rapporte aussi aux jugements contre les déserteurs de la Wehrmacht,

- au fait enfin que pendant la guerre 1940-45 il y a eu parmi nos 12000 enrôlés de force le nombre impressionnant de 3510 déserteurs c.à.d. 31,5 %.

nous serions vivement intéressés à la documentation parlementaire - si possible complète? - sur laquelle furent basées les délibérations ad hoc des députés et, finalement, sur le consensus sur lequel se sont entendus les partis et le Gouvernement allemand.

Voir une information d p a publiée ici le 28.5.98 en annexe.

Monsieur l'Ambassadeur, auriez-vous la possibilité et la gentillesse de nous procurer une copie des documents en question ou de nous indiquer, le cas échéant, la procédure par laquelle et où nous pourrions obtenir ceux-ci ?

Veuillez agréer, Excellence, avec nos sentiments reconnaissants et respectueux, l'assurance de notre haute considération.

Pour le comité de la Fédération des Victimes du Nazisme,
Enrôlés de Force

Jean Pierre Bolmer
secrétaire général

Jos. Weirich
président

Les évadés et réfractaires luxembourgeois - ee Vidéo-Film

E Film, bestallt vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutierten, as fäerdeg. An der Erkenntnes, dat déi bedréckend, beklemmend a geféierlech Situatiounen aus schwéieren Zäiten jonke Leit besser a Filmen (Videoen) ze vermëttele si wéi nëmmen an Dokumenter oder Monumen-

ter, as am Mémorial vun der Deportatioun an der Gare zu Hollerech e Projektiounsraum ageriicht gin. Dofir investéiert och d'Federatioun Fongen an d'Realisatioun vun esou Dokumentarfilmen (Videoen). D'Opriichte vu Monumenter no 50 Joer as iwwerlieft.

Esou steet elo ausser dem Video iwwert Tambow och e Video iwwert d'Evadeën an d'Refractären zur Verfügung. An Aarbecht si momentan Videoen iwwert „Slonsk - D'Émsidlung“ an d'Juddeverfolgung zu Lëtzebuerg.

